**Evangelium vum 1. Faaschtesonndeg (Joer A)**

**Mt 4,1-11**

1 De Jesus gouf vum Geescht an d'Wüüst gefouert,
fir vum Däiwel op d'Prouf gestallt ze ginn.

2 40 Deeg a 40 Nuechte laang huet hien do gefaascht;
um Enn war hien hongereg.

3 Dunn ass deen, deen hien op d'Prouf stelle sollt, dohi komm
a sot zu him: "Wann s du dem Herrgott säi Jong bass,
da so, déi Steng hei solle Brout ginn!"

4 De Jesus huet him geäntwert:
"Et steet geschriwwen:
*De Mënsch lieft net nëmme vu Brout,*
*ma vun all Wuert, dat aus dem Herrgott sengem Mond kënnt.*[i]"

5 Dueropshin huet den Däiwel hien an déi helleg Stad matgeholl
an hien op d'Spëtzt vum Tempel gestallt.

6 Hie sot zu him: "Wann s du dem Herrgott säi Jong bass,
da gehei dech hei erof!
Et steet nämlech geschriwwen:
*Wéinst denger gëtt hien sengen Engelen den Uerder,*
an *si droen dech op den Hänn,*
*fir datt s du dir de Fouss net un engem Stee stéiss.*[ii]"

7 De Jesus sot:
"Et steet och nach geschriwwen:
*Du solls den Här, däi Gott, net op d'Prouf stellen!*[iii]"

8 Duerno huet den Däiwel hien op e ganz héije Bierg matgeholl
an him alleguer d'Räicher vun der Welt an hir Herrlechkeet gewisen.

9 Hie sot zu him:
"All dat hei ginn ech dir,
wann s du nidderfäls a mech ubiets."

10 Du sot de Jesus zu him:
"Fort mat dir, Satan! Et steet nämlech geschriwwen:
*Den Här, däi Gott, solls du ubieden,*
*an him eleng solls du déngen!*[iv]"

11 Dueropshin huet den Däiwel hie verlooss,
a kuck, et sinn Engelen dohi komm an hunn hie bedéngt.

---

[i] *Dtn 8,3.*
[ii] *Ps 91,11f.*
[iii] *Dtn 6,16.*
[iv] *Dtn 6,13.*